Info - Blat

No19
Dezember 2014

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale

Iech an äre Familllje wënsche mir frou a besënnlech Chrëschtdeeg, e gudde Start an dat neit Joer verbonne mat de beschte Wënsch fir 2015.

22. Januar 2015 Generalversammlung.

Eng Invitatioun kritt Dir am Januar zougeschéckt.

Reservéiert Iech dësen Datum.

Cotisatioun 2015

Mier wiere frou, wann Dir och 2015 eis Aarbecht géift ënnerstëtzen. Dofir iwwerweist w.e.g. d'Cotisatioun vu 7 € op ee vun dëse Konten:

CCPLLULL : IBAN LU65 1111 0233 3353 0000

BILLLULL : IBAN LU39 0026 1010 1750 0000

Merci!

Léif Memberen!

Informéiert eis w.e.g. iwwert äre Changement d'Adress. Bei all Courrier kréie mir Bréiwer zeréck mat der Remarque, dat déi Persoun net fond gouf. Schued.

Hutt dir eng E-Mail-Adresse ? Sot eis se w.e.g.

An Zukunft kritt Dir dann de Courrier op är E-Mail. Domat spuere mer Pabeier, Timberen an Zäit. Dësweideren ass dës Méiglechkeet méi ëmweltfrëndlech.

Eis Adresse: amicale@amicale-ltpem.lu

Merci

11.Juli 2014 – Remise des Diplômes zu Walfer

Esou wei an deene leschte Joeren, huet och dëst Joer d'Amicale engem élève méritant e Präis iwwerreecht. De Schüler Mike Bertrang aus der X2MF (Zerspanungsmechaniker) krut e chèque cadeau.

55 Schüler woren dëst Joe am leschte Léierjoer an domat zum DAP (fréier CAP oder CATP) ugemellt.

No deene neie Critèren déi den DAP regele sinn:
14 Schüler net zum PIF (Projet intégré final) zougelooss ginn, well si een oder méi Modulen net gepackt haten. Déi feelend Modulen musse mat Erfolleg nogeholl ginn.

1 Schüler huet den DAP net gepackt, well hien sei Stage muss nohuelen. Huet de PIF awer gepackt.

40 Schüler vu 55 hunn also den DAP-Diplom an der Täsch.

Komplizéiert gell Diert!

Am Kader vun der 100 Joer Feier waren dës Manifestatiounen

25. September 2014 Vernissage Expo 100 Joer IEM-LTPEM

Vum 25.9.2014 bis den 4.10 2014 huet d'Schoul sech an der Belle Étoile virgestallt. De Schwéierpunkt louch op « d'Schoul Haut mat Virbereedung op Muer ». All Beruff hat säi Stand. Fräiwëlleg Schüler mat hirem Enseignant hunn an dësen Deeg Workshopen organiséiert.

D'Metze-Band huet Samschdes de 27.September ee flotten a schmassege Concert offréiert. Munch Visiteur war iwwert eis Schoul impressionéiert.

Erënnerung un deen éischte Schouldag 1914

Als Erënnerung un den 1. Schouldag, den 4.November 1914, steet elo e Monument am Rousegäertchen virum Haaptgebai. Dëst Konschtwierk ass vun eisem Maître d'Enseignement Technique Jean-Jaques Kohn. Eng imposant Meeschterleeschtung.

23. Oktober 2014 Séance académique am Cercle an der Stad.

Ënnert deene ville Gäscht hu mir ganz besonnesch eise Grand-Duc begréisst. De Ministère war duerch den Unterrechtsminister Claude Meisch an der Familljeministesch Corinne Cahen vertrueden. D'Politik, d'Industrie, den Handel waren dobäi. 2 fréier Schüler, den Deputéierte Gast Gybérien an den Europadeputéierte Geoges Bach hate sech den Owend fir eis reservéiert. Selbstverständlech waren d'Enseignanten mam administrative Personal aus der Schoul dobäi. No dem offiziellen Deel war d'Receptioun eng gutt Geleeënheet fir mat ville Leit ze sproochen. De Grand-Duc huet sech ënnert anerem mat Schüler ënnerhalen.

Ze bemierken ass, dat verschidde Schüler a Schülerinnen sech fräiwëlleg gemellt hunn fir bei der Receptioun ze zerwéieren.

Fotoen zu deenen uewe beschriwwene Manifestatioune sinn op www.ltpem.lu ze fannen